

Lëtzebuerg, den 9. Mäerz 2021

Monsieur Fernand ETGEN
Président de la Chambre des Députés
LUXEMBOURG



DEMOKRATESCH
PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, bidden ech Iech dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Kultur- a Justizministesch weiderzeleeden:

„Zanter 2018 huet Lëtzebuerg en Archivgesetz. Dat ass eng exzellent Saach, well mer virun dësem Datum keng ëmfaassend juristesche Basis haten, déi den Archivage vun Dokumenter gereegelt huet. Wéi mer um Gesetz geschafft hunn, gouf et eng Rëtsch Diskussiounen rondrëm d'Kommunikatiounsfristen vu perséinlechen Daten. Säit 1800 leien dës Delaie bei 100 Joer am Etat civil. 2018 huet dorunner näischt dierfe geännert ginn. Dat war de politesche Choix vun der deemoleger Regierung.

An eisen Nopeschlänner ass dat awer manner streng. Sou sinn d'Fristen an Däitschland folgendermoossen organiséiert: 110 Joer fir Gebuertsakten, 80 Joer fir Hochzäitsakten an 30 Joer fir Stierfakten. A Frankräich sinn et 75 Joer fir Gebuerts- an Hochzäitsakten, dofir awer keng fir Stierfakten. An der Belsch sinn d'Delaien déi folgend: 100 Joer fir Gebuertsakten, 75 Joer fir Hochzäitsakten a 50 Joer fir Stierfakten.

Chercheuren an Historiker wieren hei am Land zefridden, wa mer eis Delaie wéinstens deene vun der Belsch géifen upassen. Si sinn och schonn e puer Mol bei der Regierung intervenéiert, ma et huet sech bis ewell näischt gëdoen.

An deem Kontext wollt ech der Madamm Kultur- a Justizministesch folgend Froe stellen:

- 1. Ginn et méttlerweil Iwwerleeunge fir eis aktuell Delaien deene vun eise belschen Noperen unzepassen an den Artikel 43 am Code civil ofzeänneren? Gouf et an deem Sënn scho Gespréicher mat betraffene Familljefuerscher oder Vereenungen, déi sech op deem Gebitt*

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

*engagéieren an auskennen, also op genealogeschem
Plang mat Method a System ënnerwee sinn an net scheie
fir mat der Uni zesummenzeschaffen?*

2. *Huet d'Madamm Ministesch eventuell scho virgesinn, fir
Ännerungen an deem Sënn virzehuelen an nei Delaien
anzeféieren?*
3. *Wieren déi nei Dateschutzbestëmmungen eventuell
d'Ursaach fir keng Upassunge virzehuelen? "*

Här President, ech soen Iech villmools Merci, datt dir dës Fro
weiderleet a gréissen Iech héiflech.

André BAULER
Deputéierten